N°1095
Entrée le 10.09.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

La Ministre déléguée auprès du Premier ministre, chargée des Médias et de la Connectivité

**Gemeinsam Äntwert vun der delegéierter Ministesch beim Premierminister fir Medien a Connectivitéit a vum Minister fir Wirtschaft, PME, Energie an Tourismus op d'parlamentaresch Fro n°1095 vum 8. August 2024 vum honorabelen Deputéierte Marc GOERGEN.**

**1. Weivill Persounen si vun der Fuite betraff?**

Et sinn 9.795 Privatpersoune betraff.

**2. Wéi eng Mossnahmen goufen beim ILR ënnerholl, fir dass et an Zukunft net méi zu „erreurs de manipulation interne" ka kommen?**

Den ILR huet direkt verschidde Moossnamen ergraff fir sécher ze stellen, datt dee Feeler sech net ka reproduzéieren. Zum enge goufe Prozeduren adaptéiert fir ze garantéieren, datt nom véier-Ae Prinzip iwwerpréift gëtt, datt déi richteg Fichiere eropgeluede ginn. An deem Kader ass och en Open Data Officer genannt ginn, deen onofhängeg vun de Servicer d'Donnéeën eropluet. Des Weidere goufen d'Accounte fir d'Open Data Plateform re-evaluéiert, an all onnéidegen Accès revoquéiert. Déi intern Formatioune ginn och ugepasst.

Lëtzebuerg, den 10. September 2024

Déi Delegéiert Ministesch beim Premierminister
fir Medien a Connectivitéit

(s.) Elisabeth Margue